



Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°7877 vum honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser zum Sujet "Dysfonctionnements au SIGI (Syndicat Intercommunal de Gestion Informatique)"

Fro 1

Mat Hibléck op d'Gemengenautonomie an d'Attributiounen vun den Exekutivorganer am Gemengesecteur ass et wichteg ze rappelieren, dass d'Entscheidungen am Beräich vun der Personalgestioun vum Bureau vum SIGI geholl ginn.

D'Membere vum Bureau hu mir bestätegt, dass dem Personaldirekter, deen am Statut vum Salarie agestallt war, gekënnegt gouf. Décisiounen zu eventuell weideren Disziplinarprozedure stinn nach aus. D'Problemer, déi duerch den Audit am Beräich Personal identifiziert goufen, hunn ausserdeem dozou gefouert, dass de Bureau eng Plainte, déi de gesamte Volet vun der Personalgestioun ëmfaasst, beim Parquet déposiert huet.

Fro 2

De SIGI huet sech un déi gesetzlech a reglementaresch Bestëmmungen vun der Gemeengecomptabilitéit ze halen, wat och vum Inneministère kontrolléiert gëtt.

Laut senge Statute kann de SIGI eng analytesch Comptabilitéit maachen, ass awer net dozou verpflichtet.

Fro 3

Den Inneministère ass amgaangen, déi Analys ze maachen. D'Resultater aus dem Finanz-Audit wäerten an déi kommend Kontroll vun de Konte mat afléissen.

An deem Kontext weisen ech drop hin, dass den Inneministère e *Contrôle de légalité* mécht a kee *Contrôle d'opportunité*. Des Weidere profitieren déi kommunal Entitéiten och bei hirer Finanzgestioun vun de Prinzipien vun der Gemengenautonomie.

Fro 4

Fir dës Fro verweisen ech den Deputéierten op meng Äntwerten zu de Froen 2 an 3 vun der parlamentarescher Fro n°7848.

Lëtzebuerg, den 11. Mee 2023.
D'Inneministesche
(s.) Taina Bofferding